ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. September 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

D'Iessbongen („chèques-repas") ginn nom Lëtzebuerger Aarbechtsrecht als Zousazleeschtungen an Natur („avantage en nature") ugesinn a sinn domat integrale Bestanddeel vum Loun. Dacks gesäit ee Leit, déi dës Iessbongen och fir Akeef oder Besuergungen notzen.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Huet den Här Minister Kenntnesser doriwwer wéi vill déier Iessbonge genotzt ginn a wou se schliisslech ageléist ginn?
2. Misst dat bestoend Reglement iwwert d'Notze vun den Iessbongen net eventuell amendéiert ginn, fir dem reelle Gebrauch Rechnung ze droen?
3. Huet den Här Minister Kenntnesser doriwwer wat fir e finanzielle Volume d'Iessbongen, déi am Ëmlaf sinn, ausmaachen? Wéi vill Prozent vun den Iessbonge ginn an der Restauratioun oder fir de Kaf vu Liewesmëttel benotzt a wéi vill fir aner Zwecker?
4. Ass den Iessbong, vum finanztechnesche Standpunkt, mëttlerweil zu enger Aart Parallel-Wärung mat begrenzte Gebrauchsméiglechkeete ginn? Wat fir rechtlech Froe kënne sech am Kontext vun der Benotzung vun den Iessbonge konkret stellen?
5. Wéi gesäit et aus mat enger Digitaliséierung vun den Iessbongen? Huet den Här Minister konkret Iddien, wéi de Gebrauch vun den Iessbonge kéint logistesch an informatesch vereinfacht ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten